

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staats- a Medieminister, den Här Bausseminister an d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Ukrainkris hunn d'Post an d'SES d'Ausstralung vun de russeschen Televisiounschaïnen "Russia Today" a "Sputnik" gestoppt. Och d'EU-Kommissioun schafft op eng Zensur hin, déi a sämtleche Memberstaate soll gëllen. E Schratt, dee vu "Reporter ohne Grenzen" staark kritiséiert gëtt. Déi zoustänneg EU-Kommissärin Vera Jourova gëtt am Tageblatt vum 3. Mäerz mat de Wieder zitéiert, kee "Wahrheitsministerium" a keng Zensur wëllen anzeféieren. Dës Decisioun géint RT a Sputnik schéngt géint den Artikel 24 vun der aktueller Lëtzebuenger Verfassung ze verstoussen: *"La liberté de manifester ses opinions par la parole en toutes matières, et la liberté de presse sont garanties, sauf la répression des délits commis à l'occasion de l'exercice de ces libertés. La censure ne pourra jamais être établie"*.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Op wéi enger rechtlecher Basis berout dat nationaalt Virgoe vun der Regierung géint RT a Sputnik? Kann d'Regierung matdeelen, wéi d'Decisioun vun der Post als ëffentleche Betrib sech no hirer Opfaassung mat dem Artikel 24 vun eiser Verfassung verdréit? Gouf dës Decisioun am Virfeld op hir verfassungsméisseg Kompabilitéit gepréift?
- 2) Kann d'Regierung matdeele wéi si op d'Kritik vu "Reporter ohne Grenzen" an dësem Kontext reagéiert? Gesäit si net och d'Gefor, datt dës Schratt zu der Aféierung vun engem "Wouerechtsmonopol" ka féieren (eng Zort "Wahrheitsministerium", wéi am Roman 1984 ugeduecht), also enger Ofschafung vun der fräier politescher Diskussioun zu Gonschte vun enger ëffentlech diktierter oder dirigierter, virgefäerdegter Eenheetsmeenung? Bekennt d'Regierung sech nach zu Mediepluralismus a Meenungspluralismus?
- 3) Kann d'Regierung erklären, firwat si de Lëtzebuenger Bierger et net selwer iwewerléisst fir kritesch mat ënnerschiddlechen Duerstellungen ëmzegoen a sech aus deene verschiddene Siichtweisen op d'Ukrainkris eng eege Meenung ze bilden? Kann d'Regierung elaboréiere ob a wéi wäit si hei eng Gefor fir déi fräi politesch Diskussioun an d'Meenungsfräiheet hei am Land allgemeng gesäit?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten